ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

De leschte Mëttwoch huet de russesche President Wladimir Putin an enger Ried Kritik aus sengem eegene Land un deem vun him ausgeléiste Krich an der Ukrain mat haarde Wierder verurteelt: *„Jedes Volk, das russische Volk ganz besonders, wird immer in der Lage sein, das Gesindel und die Verräter zu erkennen und sie auszuspucken, wie man eine Fliege ausspuckt, die einem in den Mund geflogen ist. Ich bin sicher, dass eine solche echte und notwendige Selbstreinigung der Gesellschaft unser Land nur stärken wird".* (Zitat: https://www.tagesschau.de/ausland/asien/putin-tv-verraeter-101.html)

No dëser Ried huet de Kreml-Spriecher Dmitri Peskow ugekënnegt, datt Russland vu „Verräteren" „gesäubert" géif ginn, entweder well déi Leit d'Land selwer géife verloossen oder well se „gesetzeskonform" géife verhaft ginn. Vill Russen hunn hiert Land säit Ufank vum Krich scho verlooss. Et ass dervun auszegoen, datt vill méi Russen dee schwéiere Schrëtt maache wäerten, soulaang se nach d'Geleeënheet dozou hunn a wa si d'Repressioun musse fäerten.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Häre Minister:

1) Verfüügt d'Regierung iwwer Zuelen, wéi vill russesch Staatsbierger scho säit dem Ufank vum Ukrain-Krich op Lëtzebuerg komm sinn, fir hei Asyl ze froen?
2) Ass d'Regierung bereet, fir an hire Kontakter mat der Russescher Federatioun, niewent engem séiere Waffestëllstand an der humanitärer Noutlag an der Ukrain, och déi politesch Fräiheet a Russland ze thematiséieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser, Deputéierten